



Dossier suivéiert vum :

Schäfferot Sandweiler

☎ 359711-207

✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler
Mme Massard-Stitz Simone
M. Lemmer Jean
M. Dumong Romain

Sandweiler, den 24 Oktober 2023

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir t'Gemengerotssëtzung vum 26.09.2022

eis/ref. : CSV - 2023.09.22 - CE

är/ref. : Demande du 22.09.2023

Dir Dammen, Dir Hären,

Heimadden schécken mir lech t'Äntwerten op är Froen déi dir un de Schäfferot hat, an der Gemengerotssëtzung vum 26 September 2023.

Fro 1:

Am Haus vun de Kanner hunn sech Elteren um Ufank vum Summer beklot, dass do kee passende Sonneschutz iwwer dem Haff a Spillplaz ass. Wat ass de Fortschrëtt vun den Aarbechte fir do e Sonneschutz ze installéieren?

Dësen Problem besteet leider scho méi laang.

Den aktuelle Schäfferot ass am Gaang eng Léisung zu dësem Problem ze sichen.

Sollen déi Aarbechte fir den Enn vum Fréijoer 2024 faerdeg sinn?

De Schäfferot stellt de Budget fir 2024 op an do wäert en Artikel fir dëse Sujet virgesi sinn.

Fro 2:

Mir hu festgestallt dass aktuell keng Aktivitéite méi um Chantiersdepot an der rue de Contern sinn. Wou sinn d'Aarbechte fir de Reamenagement vun der rue d'Itzig drun ?

Jo, do sinn d'Aarbechten gestoppt ginn, well d'INRA (Institut National de Recherches Archéologiques) der Meenung ass, dass do „sensibel“ Plazen sinn wou eventuell archeologesch intressant Elementer vun eiser Uertschaft kënnen nogewise ginn.

Wéini et mat dësen Aarbechte weidergoe kann, ass onbekannt.

En attendant, ass elo mat Reewaaseraxen an der Hiehl ugefaange ginn,

Wéini ginn déi genau un a wat ass den aktuelle Planning fir déi Aarbechten?

Wéi uewendriwwer vermierkt, waart de Schäfferot op d'Entscheidung vun der INRA !

Fro 3:

Um Freideg 15. September hunn eng Réi Automobilisten um Parking vum Centre Culturel en Ziedel vun der Gemeng ënner de Wischer geklemmt kritt fir se op t'Parkscheiwepflicht an d'maximal Stationéierungsdauer vu 4 Stonnen opmierksam ze maachen. Wat war den Ausléiser fir déi Aktioun?

Eis öffentlech Parkplaze ginn als Park&Ride benotzt wat zur Konsequenz huet, dass eis Parkplazen dee ganzen Dag besat sinn.

D'Police Syrdall huet eis informéiert, dass mir Ziedelen hannert Wischere sollen leeë fir d'Chauffeuren op Parkdauer opmierksam ze maachen.

An deem Kontext huet d'Police och ugekënnegt, dass sie och regelméisseg Kontroll géif maachen fir ze kucken op Parkdauer respektéiert gëtt!

Wat sinn d'Suitten déi elo virgesi sinn?

Kuckt uewendriwwer

Wat war den Zweck vun där Aktioun?

Kuckt uewendriwwer

Hunn all Automobilisten dee Flyer un den Auto geklemmt kritt?

Jo



De Schäfferot,